Nº I2 I3 ten Abröl I942

# De "Freie" Mir wölle bleiwe wât mir sin Lötzeburger

Telefon : Nº 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C.W.O.II BG 192 C.2.C.M.

*So' secher we' ons d'Bîerger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## --- Lötzeburger Patriote Liga ---

An onser Nº II hu mir îech kûrz matgedêlt, dat "De Freie Lötzeburger" vum I.Abröl un an d'Hänn vun der L.P.L.iwergângen ass. Müencher Lieser wärd sech gedûecht hun, mir hätten hîen an den Abröl geschéckt. Neischt ass manner wo'er we' dât. Wa mir d'Absecht gehûet hätten èn an den Abröl ze schécken, dann hätt et nömmen de Preiss könne sin.

Onst Blad ass an d'Lîewe geruff gin vu patriotesche Männer,de' sech virgehall hun :

I) dem Preiss seng Plangen eso' vill we' migelech ze zerste'eren
2) an onsem Vollék d'patriotesch Gefiller he'ch ze halen an ess'güer ze verstîerken
3) ons Freihêt an Onofhängegkêt mat alle Möttelen erem ze gewannen.

D' L P L hûet sech virgeholl :

I. Dûrch eng passend Opklärong an alle Volléksschichten eng Verpreisong dûrch ons Ennerdrécker ze verhönneren an d'Nationalgefiller vum Lötzeburger Vollék ze secheren
2. Alle Lötzeburger, de' dûrch hir patriotesch Handlong an der No'd sin, önner d'Aerem ze greifen a fir d'Secherhêt vun alle politeschen Undrécken ze sûergen.
3. Dûrch hir Agenten beim lötzeburger Vollék de' ne'deg Gelder ze simmelen, de' zer Ennerstötzong vun déne verfollegte Patrioten ne'deg sin.

"De Freie Lötzeburger" an d' L.P.L.sin also aus dém selwegte Grond a mat de selwegten Absechten ge'nt de Preiss an de Krich gezun. Hir Wéer si wûel e we'neg verschidden, ower sie trûechten allebe'd no dém selwegten Ziel : Dem Preiss seng Plangen op d'Kopp ze geheien, him ons Se'l net ze verkafen. Dat d' L P L eng gro'ss Influenz op d'Vollék hûet, hûet sech beim I. a beim 2.Referendum bewisen. Op dèr aner Seit si mir iwerzêgt, dat onst Blad mûenchem Lötzeburger d'Aen opgemâcht an hîe verhönnert hûet sech vum Preiss öm de Fanger wéckelen ze lossen. Dûerfir konnt et och net ausbleiwen, dat eng Enegong töschent der L P L an "De Freie Lötzeburger" hûet misse kommen: sie könnt der Sâch, dèr mir allebe'd bis elo separat gedéngt hun, nömmen zem Gudden. Onst Blad ass also an d'Hänn vun der L P L iwergângen, ma onse Redacter, den Här Déngens Dömmy, ass op sengem verantwortleche Poste bliwen an hûet fir Missio'n, onse preisesche "Bridder" d'Klöppelen an d'Rîeder ze geheien. Den Dömmy ass der Sâch gewûes,en hûet et bis elo bewisen.

Am Zesûemenhank heimat beze'e mir ons op dè famo'se Bre'f vum Gaul eiter, dèn dir an onser Nº IO gelîes hûet. De' he'ch Auszêchnong, mat dèr de Führer den Dömmy gee'ert hûet, an dèn he'ge Posten als "Leiter des Deutschen Propagandadienstes" dèn onsem Redacter ugebûeden ass gin sin e Beweis (wann è Beweis nach ne'deg wor) dat kên un den Dömmy kann tippen. Mir hun îech gesot, dat onse Redacter sech 24 Stonne Bedenkzeit ausgehalen hûet. Dât wor jo och lîcht ze verstoen wann è bedenkt wat do um Spill stong. Den Dömmy hûet sech hurteg entschêd an hûet dè selwegten Dag dem Gaul eiter en he'ferleche Bre'f geschriwen,dè mir elei publize'eren :

Här Gaul eiter SIMON
Lötzeburg

Ere Bre'f vum I2-3-42, Zechen K K - 69 - Prop., ass den I5-3 bei mir agângen. Erem Wonsch, îech meng Entschêdong gângs matzedêlen, wöll ech heimat entsprîechen an ech erlabe mir îech opmîerksam ze mâchen, dat et mir se'er lêd dêt de Posten als "Leiter des Deutschen Propagandadienstes" net unhûelen ze können, an dât aus folgende Grönn :

I. Wöll ech kê Posten dèn ech net selwer gesicht hun. Als "freie" Mann wöll ech d'"Freihêt" hun a behalen mir eng aner Plâtz ze sichen wann ech d'Loscht derzo' hun.
2. Sin ech nach kês op Judasgelder ausgângen a sin och net derzo' ze kre'en. 25.000 RM. de Mo'nt ass e Gehalt, dât wûel mûencherê ge'f verlackelen(ofgesi vun déne villen an Aussîcht gestallten Nîeweverdéngschter). Ower ech froe mech wat de' 25.000 RM. nach fir e Wert können hun no engem Jor, wann Deitschland sech do'd gesîegt hûet.
3. Eng "bombesichere Wohnung" sét mir glat neischt. Mir hei zu Lötzeburg können önner freiem Himmel wunnen, wann dât ons gefällt. Mir fîerchte keng Bommen. Ower do wo' è bombesicher muss wunnen kann èn nûets kên A zo'din. An dât ass neischt fir e Mann, dém seng Nerven durch eng dirije'ert Propaganda op eng schwe'er Pro'f gestallt gin.
4. Aus perse'nlechen a lîcht begreiflechе Grönn ze'en ech vir a menger Kimmerchen am "Grond" ze bleiwen. Wat me'ch ech, als Jonggesell, mat enger Wunnong vu 56 Zömmer, wo' ech dese Wanter d'Temperatur vu mengen ènzegen Zömmer net emol op I6° C. konnt bréngen ?
5. De' mir vun èrem "Obersten Feldherrn" ugebûeden Auszêchnong (Ritterkreuz zum Eisernen Kreuz) bîeden ech îech als freiwöllege Beidrag zo' èrer eso' ne'deger "Altmetallspende" zréckzehalen.

Ech erlabe mir nach îech ze bemîerken, dat ère Virschlag mech me' verwonnert we' ho'fereg gemâcht hûet. Ech gin zo' dat dir et gutt gemengt hûet, ower ech ze'e vir engem aneren de "déck" Plâtz ze iwerlossen, dèn des Geld me' ne'deg ass we' ech. Op desen Dag trîeden ech an den Déngscht vun der L P L, eng Organisatio'n de' dir gehollef hûet op d'Bê bréngen an de', o'ni èr Ennerstötzong, kês de' Plâtz ageholl hätt de' sie haut hûet.

Wann ech mir erlabt hun, Här Gaul eiter, îech a menger volksdeitscher Sprôch ze äntweren, dann ass et well ech gedûecht hun dir hätt, zönter dat mir d'E'er hun îech op dém he'ge Posten ze gesin, ons Sprôch dûrch an dûrch gele'ert a ge'ft îech vleicht dodûrch och geschmêchelt fannen.

Vun Hîerzen danken ech èrem "Obersten Feldherrn", we' och îech perse'nlech, fir dât gro'sst Vertrauen dât dir mir geschenkt hûet, an dir könnt iwerzêgt sin dat et mein ènzege Wonsch ass dem daperen deitsche Vollék, dât un der Spötzt vun der Kultur stêt, mat alle Möttelen zem Frid ze hellefen.

Mat volksdeitschem Gro'ss
gez. Déngens Dömmy
Redacter vum "Freie Lötzeburger"
Gruppenleiter vun der L P L

---

Helleft der L P L an dir helleft îech selwer

---

--- **Des Volkes Dank** ---

Wann och den Hitler sengem Vollék hêleg versprach hat d'Lîewensmöttelratio'nen net erof ze setzen, dann hûet en nês eng Ke'er kê Wûert gehalen. De gro'ssen ukrainesche Speicher, op dèn hîe gezîelt hat, ass eidel a vun aner Seit ass neischt oder rose we'neg ze erwarden. Wat mâchen ? Kên anere Möttel we' dem Vollék beizebréngen et misst, elo wo' den "Endsieg" endlech vrun der Dir stêt, de Rim nach me' zo'ze'en, well aus engem Stên kann och den allmächtegen Adolf kê Bro'd schloen. So' hûet hîen dun d'Ratio'nen vum Bro'd, vum Flêsch a vum Botter erofgeschrauwt an d'Gromperen, de' bis elo frei woren, ratione'ert. De' nei Verûerdnong ass de 6ten Abröl a Krâft getrûeden.

Samschtes vrun O'schteren hûet de "Führer von Gottesgnaden" e pûer "déck" Generél zo' sech geruff a gesot : Meine Herren, die Lage ist ernst, sehr ernst. Die angesagte Frühjahrsoffensive habe ich, aus Gründen die ich hier nicht erörtern will, ausgesetzt. Das Volk geht dem Hungertode entgegen. Was machen? Nur eine Türe steht mir offen. Was würden Sie sagen, wenn ich meinen Busenfreunde Rudolf Hess nachfolgte ?

Generél : Wir folgen unserm Führer !
Adolf : Schön ! Aber was würde das Volk dazu sagen ?

Generél : Das Volk würde sagen : Wir danken unserm Führer !
Wir danken unserm Führer !
Wir danken unserm Führer !

==========

Herrgott verdilleg dach de' Rass
de' all Natio'n höllt bei der Strass.

==========

--- O'schterêr ---

Eng O'schternûecht. Am Lîchteschein
leit do ze schlofen Köln um Rhein.
An wann de Kölner schlofe gêt -
wês hîen net op en op nach stêt.
En traut keng Grimmel dem John Bull
Dèn nûets sech schleicht iwer de Pull
mat enger Se'ssel an der Hand,
ze me'en am Germaneland.
Dach haten d'Kölner net gedûecht
Dat an der sche'ner O'schternûecht
De frechen Tommy wöllens hätt
sie nês ze dreiwen aus dem Bett.
Den Churchill, so' e feinen Här,
hûet sie begléckt mat O,schterêr,
An op d'Minutt, de' festgesat,
ass e Gebromms iwer der Stâd.
Et bummst, et krâcht a ronderöm
kann he'ren èn d'Sirenestëmm.
Ons Kölner wösse wat ass lass,
vill hu vun Angscht an d'Box gesch...
well Er vun enger halwer Tonn
De' während enger gudder Stonn
we' d'Bo'ne falen vun der Gês,
schlon alles futti rond am Krês.
Sot, Nazi-Preisen, wösst dir nach
wat dir vrun engem Jor verbrach ?
Dir hûet, èrer Gewunnecht trei,
aus blannem Hâs, aus Roserei
Pälmsondes Belgrad ugegraff.
Och d'Kathedral hûet dir getraff.
An Aeschen hûet dir d'Stâd gelûegt,
IO.000 Leid öm d'Liewe brûecht.
An èren A'n wor dât e "Sieg",
an onsen en "totale Krieg".
Den Tommy hat sech virgeholl
îech d'Maul ze stoppen,me' we' voll.
So' hûet en an der O'schternûecht
sche'n, déckech Er de Kölner brûecht.
Wa sie och mûencherê getéckt
dè sech ze spe't vleicht hûet gebéckt,
dann ass him nömme Recht geschitt.
Dir knaschteg Preisen de' dir sitt,
dir kritt der nach a vill me' déck
bis mir îech leien hun um Réck.

I S Y

==========

Lötzeburger, drénkt kên deitsche Be'er, kên deitsche Wein.

==========

--- An onse Butéker ---

All Mënsch wês dat zönter I Jor bal neischt me' an onse Butéker ze fannen ass. Dè gre'ssten Dêl vun onse Wûeren ass vun de Preisen eweg geschlêft gin, an de Rescht hûet d'Vollék opkaft, fir sech vun desem oder dém Artikel eng kleng Provisio'n ze mâchen. Reklam ass elo net me' ne'deg, well 't ass neischt me' do wat eppes dâcht. An dach mussen ons Butéksleid, op Wonsch vun onsem Gaul eiter, hir Fönstere sche' gane'eren. Natirlech hûet dât nömmen den Zweck dem Vollék de Manktem u Wûeren, dè gro'sse Misär ze verstoppen. Eso' gesitt dir elei an engem Huttbuték eidel Köschten an de Fönstere stoen, lénks a rechts e verblatzte Stre'hutt oder eng Kâp de' dem Jabo ze kleng wir. An engem Sêfbuték fannt dir nach d'Reklamen vu Qualite'tssêfen, ower vu Sêf keng Spûr me'. Dûerge'nt gesitt dir Bimmsteng a Sêfepolefer dât net scheimt an net wäscht. An onsen Tubaksbutéker stin nach eidel Zigarreköschten an de Fönstere leien allerhand Peifen, Mondspötzen, Aeschentelleren a.s.w., ower d'Hâptsâch, den Tubak, d'Zigaretten an d'Zigaren si verschwonnen. An eso, ass et an alle Branchen. Alles göt vun Dag zo' Dag me' sîelen a...... me' schlecht. Braucht dir Pabeier fir eng Kûemer ze tapisse'eren, da sitt dir schlecht drun. Braucht dir Closettpabeier, da sitt dir nach me' schlecht drun, well dèn nach haut ze kre'en ass (wann es iwerhapt nach ze fannen ass) hûet net me' dèn ne'dege Widerstand. Hîemer, Strömp, Schong, Klêder, Enneschtklêder si we' vum Erdbûedem verschwonnen, ower Kârten hu mir fir all Artikelen a bei de Kârte bleift et. Ons Butéksleid wössen net me' wat erdenken fir d'Konnen unzeze'en oder net fortzeschécken...Mir gin îech elei 2 Fäll un, de' an de leschte I4 Deg passe'ert sin :

Den Här J. gêt zu Lötzeburg op der Gare an en Tubaksbuték a frét sech Zigaretten. "Mei le'wen Här", äntwert den Tubaksmann, "Zigarette si rar we' weiss Meis. A wann dir mir IOO Fr. fir d'Stéck ge'ft gin, da könnt ech îech keng verschâfen".- "Hûet dir dann och keng Zigare me' ?" frét nês den Här J. "Zigare ! Em Gotteswöllen, ech kennen hir Fârf net me'. De' lescht Köscht

hun ech vru 6 Me'nt verkaft. Ma wann ech îech e gudde Rot ka gin, mâcht îech eng Provisio'n a Jicktubak, wîe wês op mir dès nach kre'en. Kuckt hei, dât ass dât ènzegt Fäss'chen dât mer bleift. IOO Rollen, agebêtzt we' virum Krich, fir 45 RM. Greift zo, îer et ze spe't ass, 't ass geschenkt. Fir d'Qualite't birgen ech; sie dreiwen îech d'Wâsser an de Mond.

De Bankbeamte B. gêt an den Hîemerbuték vum Här K.

Här K. : "Heil Hitler ! Wat wir dem Här gefälleg ?
B. : Ech hätt gîer en Hîem.
Här K. : En Hîem ! Zitt mer eng Hänsch aus. Dèn Artikel bestêt jo net me'.
B. : Mei Frönd L. hûet der ower hei kaft.
Här K. : We'ni dann ?
B. : D'viregt Jor.
Här K. : Ah, wann dir d'viregt Jor komm wird, hätt ech îech der och nach könne verkafen. Zönterhîer sin all Hîemer ausverkaft.
B. : Hûet dir da keng "Einheitshîemer" ?
Här K. : Nach net. Et wärd wûel nach e Sträppchen dauere bis de' ukommen. An Deitschland sin se iwer d'Längt vun dénen Hîemer nach net èns. Wann dir presse'ert sitt, dann hûelt îech e "Vorhemdchen".
B. : Wat mâchen ech mat engem "Vorhemdchen"? 't ass en Hîem wat ech muss hun. Dât wat ech hei unhun, ass dât ènzegt dât mer bleift. Ech hat gedûecht ech ke'm domat bis un d'Enn vum Krich, ma et ass mer haut de Mûergen eng passe'ert................
Här K. : .......ech verstin. An dém Fall ass neischt iwer e "Vorhemdchen", da könnt dât îech net me' vir.

Dât hun ons Geschäftsleid dervun am Preissland ze kafen an.........
neischt ze kre'en.
Am Neuordnungsland ze kafen.
hêscht.......mam plakegen Hönner lafen.

---

Passt op, Lötzeburger, gitt nömmen net kafen
bei Leid de' un d'Preisen hir Hênecht verkafen.

---

--- Bre'fköscht ---

Pick Up : IOO Fr.
Lötzeburg de Lötzeburger, Dickerech : I25 Fr.
Anonyme : IOO FR.
Anonyme : 500 Fr.

Villmols merci !

---

--- Löschtegen Eck ---

An enger vun onse Scho'len hûet de Scho'lmêschter ( e Preiss) d'Kanner allerhand gefrot iwer de Führer, iwer seng Dugenden, seng Intelligenz, sei Gêscht a.s.w. We' et zem Enn gong frot en de Jämpy :
Du, Kleiner ! Habt ihr zu Hause das Bildnis des Führers aufhängen ?
Jampy : Jawohl, Herr Lehrer. Es ist ein grosses und schönes Bild.
Scho'lmêschter : Sehr nett !
(zum Nicky) Und bei euch zu Hause ?
Nicky : Wir haben noch kein Bild vom Führer, aber sehr schöne Bilder von Goering und Goebbels.
Scho'lmêschter : Schön ! Dann sagst du zu deinen Vater er soll sich auch noch das Bildnis unseres Führers verschaffen.
Nicky : Jawohl, Herr Lehrer.
(zum Charly) Und wie stimmt es bei euch zu Hause ?
Charly : Wir, Herr Lehrer, wir haben noch keines von diesen drei Bildern. Mein Pappa ist im Konzentrationslager und er hat vorige Woche geschrieben er würde sich eine grosse Freude drauss machen sie allen drei aufzuhängen.

(Brawo Charly)

---

N° II vun onsem Blad ass um Fort Olisy gedréckt gin.

---